

UNION GRAND-DUC ADOLPHE

COMMUNIQUÉ

Den Exekutivbüro vun der UGDA weist sech zefridden, dass d'Madamm Kulturministesch haut de Mëtten, an enger Pressekonferenz, Positioun geholl huet wei et mat dem kulturelle Liewen an der sanitärer Kris, verursaacht duerch de Covid-19 Virus, weider goe soll.

Alleguer d'Leit an eise Veräiner erwaarden natierlech sou séier wei méiglech rëm zu hirer Musek, Gesang, Folklor, Theater, oder Danz zeréck kéieren ze dierfen, mee d'Suerg ëm d'Gesondheet huet alleréischtt Prioritéit.

Mir sinn eis alleguer bewosst, dass et net nëmmen ëm finanziell Abousse geet, mee et geet och ëm d'Moral vun de Leit an de Veräiner a vun alleguer den aktive Leit am kulturelle Sektor. Si brauche Kloerheet!

Souguer wann déi sanitär Situatioun am Moment viles bremst, sou kënnen awer verschidden Aktivitéiten autoriséiert ginn.

Am net-professionelle Beräich ass d'Veräinsaktivitéit nach ganz minimal. Erlaabt si bis den 31. Januar Prouwen ënnert folgende Konditiounen:

- Grupp vu 4 Persounen ouni Mask;
- Grupp vu 4-10 Persoune mat Mask am stoen oder setzen;
- Grupp vun 11 Persounen un mat feste Sëtzplaze a mat Mask. Eng Distanz vun 2 Meter muss agehale ginn.

Concerten si kaum méiglech, well hei sämtlech Musikanten/Sänger eng Mask mussen droen.

Mir sinn zouversiichtlech, dass eventuell am Fréijoer erëm méi Veräinsaktivitéite méiglech sinn, dëst hänkt elo vun der Entwécklung vun der Pandemie of.

Déi bestänneg Kommunikatioun mat dem Kulturministère erlaabt eis, Iech all Ännerungen sou séier wéi méiglech matzedeelen. Kuckt reegelméisseg eis Website ënnert: www.ugda.lu oder UGDA op facebook.

Den Exekutivbüro vun der UGDA

Gilbert Girsch
President

Marc Thill
Vizepräsident

Robert Köller
Generalsekretär

André Heinen
Generaltrésorier